fir d'Personal aus de Jugendstrukturen:
Participatioun un enger Visitt vun den
EU-Institutiounen zu Bréissel, den 18. Oktober 2019

D'Vermëttlung vun demokratesche Wäerter an d'Förderung vu villfältege Bedeelegungsformen op lokalem, nationalem an europäeschen Niveau sinn déi gemeinsam Basis vun der Aarbecht vun all de Membere vun der EGMJ.

An dësem Sënn goufen an deene leschte Méint vun der EGMJ eng Rei Offeren am Hibléck op d'Informatioun an d'Sensibiliséierung fir den europäesche Gedanken ugebueden. Nieft der Participatioun um EYE 2018 huet och eis Formatioun "Sensibilisatioun fir d'EU-Walen a fir d'Liewen als Jugendlechen an der EU" ee wichtege Bäitrag geliwwert, jonke Mënschen Europa ee Stéck méi no ze bréngen.

Virun dësem Hannergrond invitéiert d'EGMJ Professioneller aus de Jugendstrukture ganz häerzlech, **den 18. Oktober 2019** (+/-7:00 - 23:00) un enger Visitt vun den EU-Institutiounen zu Bréissel deelzehuelen.

Um Programm stinn énner anerem d'Visitt vum Parlamentarium, dem Haus vun der europäescher Geschicht an d'Plenière vum Europäesche Parlament.
Donieft gëtt awer och den Echange mat enger/engem Europadeputéierten envisagéiert, fir sech iwwert d'Jugendaarbecht an d'Jugendpolitik am europäesche Kontext austauschen ze kënnen.

Wann dir du interesséiert sidd, da mellt iech w.e.g. op **strategie@egmj.lu** un.
D'Plazen si limitéiert an déi éischt si vir!

Op dir ugeholl sidd, a fir weider organisatoresch Froen ze kläre wäerte mir iech zäitno informéiere.

Mat beschte Gréiss
vum Service Stratégie
vun der EGMJ

Entente des Gestionnaires
des Maisons de Jeunes